LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vun der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°7360 vum 12. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Wéi schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen No. 633, 948 a 6803 ënnerstrach, sinn déi eenzel Regierungsmemberen eegestänneg an der Organisatioun vun hirer Kommunikatioun, konform zum Artikel 78 vun der Constitutioun an dem Code de déontologie vun der Regierung. Reklamm am Kader vun enger Walcampagne huet kee Lien mat der offizieller Aarbecht vun engem Regierungsmember an gëtt deemno weder vu Staatsagenten organiséiert nach vun ëffentleche Gelder finanzéiert.

D'Familljen- an Integratiounsministesch ënnerscheet zwou Saache ganz kloer: op där enger Säit hier perséinlech Social Media Accounts, déi si selwer verwalt, an op déi och keen Aneren Zougang huet als Administrateur. An op där anerer Säit d'Social Media Accounts vum Ministère, fir déi d'Ministesch selwer keng Zougangsaccèsen huet.

D'Käschte vun der Gestioun vun den offiziellen Accounts vum Familljeministère op de soziale Medie kënnen net wéi gefrot eenzel opgeschlësselt ginn, well dës Gestioun eng Aarbecht ënnert villen ass, déi de Service vun der Kommunikatioun am Familljeministère am Alldag leescht.

Do donieft sief preziséiert, dass de Ministère zanter 2015 en Twitter-Account, zanter Juli 2021 e Facebook-Account, zanter Abrëll 2022 en Instagram-Account an zanter September 2022 en LinkedIn-Account huet. De Ministère schafft mat externen Agence zesummen am Kader vu gréisseren Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen. Sou sinn 2022 am Kader vun der nationaler Campagne „Je peux voter" tëscht Mee an Dezember 2022 am ganze 16.660 Euro un eng extern Agence bezuelt ginn. Am Kader vun der nationaler Campagne „Wat ass normal" waren et 2.765,88 Euro, déi un eng extern Agence bezuelt goufen. Fir d'Campagne ronderëm d'Energieprimm an d'Allocation de vie chère goufen 877,50 Euro un eng extern Agence bezuelt.

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2023

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL